N°2504
Entrée le 25.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Wéi RTL.lu an engem häitegen Artikel beriicht, soll ee Gemengeconseiller aus der Gemeng Käl/Téiteng engem Gemengebeamten aus der nämmlechter Gemeng per Bréif opgefuerdert hunn, fir him 2000€ z'iwwerweisen, dëst no engem klengen Intermezzo tëschent deenen zwou Persounen. De Gemengeconseiller huet dëse Bréif un d'Gemengeverantwortlech - also de Buergermeeschter, adresséiert. Et stellen sech deontologesch Froen, well hei net just zwou Privatpersounen ee Konflikt haten, mee ee Gemengeconseiller an een Gemengeaarbechter. D'Gemengegesetz schreift dem Gemengerot Kompetenzen am Beräich vum Personal zou (Artikel 30 vum Gesetz) a kontrolléiert och d'Personalpolitik vun enger Gemeng (zum Beispill iwwert den Artikel 28 vum Gesetz).

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass ee Gemengeconseiller a gewësser Aart a Weis als Patron vum Gemengenaarbechter unzegesinn?
2. Wéi ass d'Aktioun vum Gemengeconseiller ze bewäerten?
3. Ass de Minister der Meenung, dass d'Fuerderung vum Gemengeconseiller een Abus de Pouvoir duerstellt?
4. Ass de Minister der Meenung, dass d'Fuerderung vum Gemengeconseiller een Erpressungsversuch duerstellt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten